



Association pour la  
propagation de l'idée  
d'un TRAM à Luxembourg  
BP 9  
L – 3201 Bettembourg



Association luxembourgeoise des  
Amis des Chemins de Fer  
38, rue F.-J. Vannérus  
L-9289 Diekirch

Näerzeng/ Dikrich, den 03. Mee 2023

Léiwe Member, léiwe Frënd vun der Tram asbl an/ oder der ALACF,

Am Dezember 2018 gouf an de Vogesen d' Eisebunnsstreck tëschent Epinal a Saint-Dié wéinst technesche Mängel zougemaach. Duerch de Widderstand vun der Bevëlkerung an den Eisebunner Gewerkschaften gouf d' Linn net ofgeschaaft an ass no Moderniséierungsarbechten, besonnesch am Tunnel vu Corcieux – Vanémont, no dräi Joer am Dezember 2021 nees a Betrib geholl ginn. Leider goufen bei deenen Arbechten d'Tëschegearen, ausser där vu Bruyères, wou d' Zich sech kräizen, net méi opgemaach.

Elo no zwee Joer wëlle mir **Donneschdes, den 1. Juni 2023**, ons di renovéiert Streck ukucke goen an zwar no folgendem Farplang:

**Lëtzebuerg fort: 7h09**  
**Beetebuerg fort: 7h21**  
**Nanzeg un / fort: 8h40/8h59**  
**St-Dié un / fort: 10h02/1036**  
**Bruyères un: 11h00**

Zu Bruyères maache mir dann ons Mëttespaus an engem lokale Restaurant. Duerno geet et dann iwver Epinal nees heem:

**Bruyères fort: 13h33**  
**Epinal un / fort: 14h03/14h45**  
**Nanzeg un / fort: 15h41/16h20**  
**Metz un / fort: 16h58/17h14**  
**Beetebuerg un: 18h04**  
**Lëtzebuerg un : 18h15**

Wann Dir Interesse hutt fir dës Streck (nees) ze entdecken, da mellt lech bis den 20. Mee entweder beim Sekretär vun der Tram asbl per e-mail ([rmbirgen@pt.lu](mailto:rmbirgen@pt.lu)) oder beim Claude Gillen ([guigui192@gmail.com](mailto:guigui192@gmail.com)) . Mir besuergen lech dann och op Wonsch Äre Billjee.

De Sekretär vun der Tram asbl

De Präsident vun der ALACF asbl

René Birgen

Claude Gillen